



**ALEM a.s.b.l.**

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

## ALEM Studenteninterview

Numm : Patrick

Studiestad : Freiburg

### 1. A wéi engem Joer/Semester bass du ?

4. Joer, 7. Semester

### 2. Firwat wollts du Medezin studéieren?

Ech wollt eigentlech ni Medezin studéieren, mee dunn hunn ech op Première eng Woch Stage zu Ettelbréck an der Klinik gemaach an erausfonnt dat mir de Kontakt mat de Patienten gutt gefält an een als Dokter een immens ofwiesslungsräichen Alldag huet, et gëtt engem also ni langweileg.

### 3. Vu wéi enger Sektoun bass du komm? Bass du gutt op d'Studium virbereet ginn?

Ech war am Lycée op enger C. Fir d Naturwëssenschaften an der Vorklinik ass een domat ganz gutt virbereet.

### 4. No wéi enge Critèrë soll een denger Meenung no seng Unisstad eraussichen?

Et muss ee sech entscheiden ob een léiwer an enger Grousstad oder an enger méi klenger Studentestad wunnen well. Béides huet Vir- a Nodeeler. Mee wann ee bis ugeholl ass kann een och nach wiesselen, wann et engem net gefält.

### 5. Wéi hues du dir mat der Admissioun geden? (Nott, Examen d'admission, etc.)

Fir mech war et kloer dat ech am léifsten an Däitschland studéieren wéilt. Ech hat den TMS net geschriwwen, ob Première war den an der Prüfungszeit, mee ech krut awer eng Platz op der Uni vu mengem éischte Choix.

### 6. Wat häss du deemools beim Choix, Umeldung oder Ufank kéinten besser mann an wat sinn Tipps déi du engem géings ginn?

Wann ee scho fréi weess dat ee Medezin studéiere wéll ass et sënnvoll op 2e den TMS ze schreiwen. Bei der Alem kanns du dech och iwwer d'Viraussetzungen fir déi verschidde Länner a Stied informéieren.



**ALEM a.s.b.l.**

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

**7. Wéi bass du mat denger Uni zefridden?**

Bis elo sinn ech op menger Uni ganz zefridden.

**8. Wéi ass et mat der Fräizäit?**

Et ginn intensiv Léierphasen, virun allem virun de Staatsexamen. Mee am normalen Semester huet een och Zäit fir Hobbyen.

**9. Wat war deng schlëmmsten Erfahrung am Studium?**

Dat 2. Joer ass bei eis wéinst dem Präpcours, der Physiologie a natierlech dem Staatsexamen ustrengend.

**10. Wat huet dir besonnesch gutt gefall bis lo? Wat war bis elo déi markantsten Erfahrung am Studium?**

Mir huet den Notfallmedizin-Cours ganz gutt gefall, an d'Famulatur an der Chirurgie.

**11. Sinn deng Virstellungen vum Studium erfëllt bis elo?**

An der Vorklinik huet ee sech mat der Chimie a Physik erëm bësse gefillt wéi am Lycée, mee dono gött et ëmmer méi esou wéi een sech et virstellt.

**12. Hues du schonn Stagen gemaach? Géings du se éischer zu Lëtzebuerg maachen oder net?**

Ech hu meng 3 Méint Pflegepraktikum zu Lëtzebuerg gemaach. Ech hat schonn ee Mount virun dem éischte Semester gemaach, dowéinst konnt ech virun Staatsexamen vu menger Vakanz profitieren.

Bis elo hunn ech eng Famulatur gemaach. Zu Lëtzebuerg ass et oft flott well net esou vill Studenten do sinn an d'Dokteren engem méi erklären, mee et ass awer mengen ech och mol flott an eng Uniklinik eran ze gesinn.